dlj connect

Gemeinsam Iddien deelen
an Netzwierker stäerken



# Dokumentatioun: 1. Editioun vum DLJ CONNECT 5. Juli 2025

# 1 Siichtbarkeet vu benevollem Engagement an de Jugendstrukturen

DAACHVERBAND VUN DE LËTZEBUERGER JUGENDSTRUKTUREN

# DLJ CONNECT – 1re édition | 5 juillet 2025

## #1 Visibilité de l'engagement bénévole dans les structures jeunesse

Avec cette première édition du DLJ CONNECT, le « Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen » (DLJ) a lancé un nouveau format destiné à offrir une plateforme d'échange, d'inspiration et de co-développement aux membres bénévoles des conseils d'administration, aux responsables de structures jeunesse, aux élu·e·s communaux et aux professionnel·le·s du secteur.

Au cœur de cette édition inaugurale : le thème «Visibilité de l'engagement bénévole dans les structures jeunesse», plus pertinent que jamais face aux défis actuels et aux nombreux exemples positifs constatés dans le pays.

Le programme s'est articulé autour de :

- une table ronde consacrée aux conditions politiques, structurelles et sociétales de l'engagement bénévole,
- trois ateliers interactifs traitant notamment de la reconnaissance, de la communication et de la répartition des responsabilités,
- et de multiples opportunités de mise en réseau entre acteur·rice·s venu·e·s de diverses structures et régions.

Les réflexions se sont concentrées sur plusieurs questions clés :

- Comment rendre l'engagement bénévole plus visible et attractif ?
- Quels obstacles freinent un engagement durable – notamment chez les jeunes ?
- Quel rôle jouent la reconnaissance, la communication et des structures claires dans la coopération ?
- Et comment mettre en place des mesures concrètes pour encourager et soutenir cet engagement ?

Le DLJ CONNECT est pensé comme un format à long terme, qui se tiendra désormais deux fois par an. L'objectif : créer des espaces où l'on partage le savoir, stimule de nouvelles dynamiques et développe des solutions collectives durables.

# DLJ CONNECT – 1. Edition | 5. Juli 2025

## #1 Sichtbarkeit von ehrenamtlichem Engagement in Jugendstrukturen

Mit der ersten Ausgabe des DLJ CONNECT hat der „Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen“ (DLJ) ein Format ins Leben gerufen, das gezielt ehrenamtlich engagierten Verwaltungsräten, Jugendhausleitungen, Gemeindeverantwortlichen und Fachkräften eine Plattform bietet – zum Austausch, zur Inspiration und zur gemeinsamen Weiterentwicklung.

Im Fokus der Auftaktveranstaltung stand das Thema „Sichtbarkeit von ehrenamtlichem Engagement in Jugendstrukturen“ – ein Thema, das angesichts wachsender Herausforderungen, aber auch vieler positiver Beispiele im Land aktueller denn je ist.

Das Programm bestand aus:

- einer Diskussionsrunde zu politischen, strukturellen und gesellschaftlichen Rahmenbedingungen des Ehrenamts,
- drei interaktiven Workshops, die u. a. die Themen Anerkennung, Kommunikation und Verteilung von Verantwortlichkeiten behandelten,
- sowie gezielten Vernetzungsmöglichkeiten für Akteur:innen aus verschiedenen Strukturen und Regionen.

Diskutiert wurden zentrale Fragestellungen:

- Wie kann ehrenamtliche Arbeit sichtbarer und attraktiver gemacht werden?
- Welche Hindernisse erschweren langfristiges Engagement – insbesondere für junge Menschen?
- Welche Rolle spielen Wertschätzung, Kommunikation und klare Strukturen für eine nachhaltige Zusammenarbeit?
- Und wie können wir konkrete Unterstützungsmaßnahmen schaffen, um Engagement zu fördern?

Das DLJ CONNECT versteht sich als langfristiges Format und wird künftig zweimal jährlich durchgeführt. Ziel ist es, Räume zu schaffen, in denen Wissen weitergegeben, neue Impulse gesetzt und kollektive Lösungen entwickelt werden




# Inhaltsverzeechnes

1. Aféierung 6
2. Table ronde 7
3. Workshops 10
4. Schlusswuert 14

# 1. Aféierung

Mat der éischter Editioun vum DLJ CONNECT de 5. Juli 2025 am Lifelong Learning Center zu Bouneweg ass de Grondsteen fir eng nei Initiativ zur Vernetzung vun Acteuren aus dem Jugendsecteur geluecht ginn. Dës Initiativ vum Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen (DLJ) riicht sech u benevole engagéiert Gestionnairen aus Jugendhaiser a Jugendservicer, u Gemengevertrieder souwéi un all déi Acteuren, déi eng Verantwortung oder eng aktiv Roll an der Gestioun vun enger Jugendstruktur droen – a sech mat vill Engagement fir eng dynamesch a nohalteg Jugendaarbecht asetzen.
Ënnert dem thematesche Motto „Siichtbarkeet vu benevollem Engagement an de Jugendstrukturen" stoung dës éischt Editioun ganz am Zeeche vun der Wäertschätzung, a Visibilitéit vum Benevolat souwéi vun der Gestioun an de Jugendstrukturen.

D'Evenement war opgebaut ronderëm:

- Eng Table Ronde mam Fokus op politesch a strukturell Aspekter vum Benevolat;
- Dräi Workshops zu ënnerschiddlechen Themen, bei deenen aktiv matgeschafft gouf;
- Méiglechkeeten zum informellen Austausch a Vernetzung.

Leit aus ënnerschiddleche Gemengen, Strukturen an Administratioune sinn zesummekomm, fir neien Input ze kréien, sech z'informéieren, Erfarungen auszetauschen a gemeinsam Iddien ze deelen.
Den DLJ CONNECT ass als längerfristegt Format geduecht a wäert zweemol am Joer stattfannen. Themen, Struktur a Formater kënne flexibel ugepasst ginn, fir de Besoine vum Secteur gerecht ze ginn. Am Mëttelpunkt steet ëmmer den informellen Austausch tëschent den Acteuren, ergänzt duerch relevant Beispiller aus der Praxis.
Duerch dës Rei vun Austauschformater wëll den DLJ e Raum schafen, an deem gemeinsam Iddie gedeelt an Netzwierker gestäerkt ginn.




Alain Cornély,
*President vum DLJ (säit Juli 2025)*



# 2. Table Ronde: „Benevolat am Jugendsecteur“

Am Kader vun der Table Ronde zum Thema „Benevolat am Jugendsecteur“ hunn sech Acteuren aus Jugendhaiser a Jugendservicer zesummefonnt, fir zentral Entwécklungen, Erausfuerderungen a Perspektiven am Beräich vum benevollen Engagement ze diskutéieren.
D’Diskussioun gouf vum Catherine Nothum moderéiert a war gepräägt vun den Erfarungen an den Abléck vun den invitéierte Gäscht:

- Clara Marinho – Jugendhaus Wooltz a.s.b.l.
- Roberto Traversini – Jugendtreff Déifferdang a.s.b.l.
- Christine Lejeune – ZEV / Anonym Glécksspiller a.s.b.l.
- Liam Bremer – Jugendrot CGJL a.s.b.l.

**Am Gespréich sinn dës Themen a wichteg Punkten erauskomm:**

## 1. Motivatioun & Roll vum Benevolat am Jugendsecteur

Et gouf ervirgehuewen, dass Benevoller am Jugendsecteur besonnesch flexibel, strukturéiert a reaktiv musse sinn. D’Dynamiken an dësem Beräich veränneren sech séier, an d’Fäegkeet sech unzepassen ass essentiel.
D’Motivatioun fir den Engagement ass dacks ideologesch oder perséinlech bedéngt – et geet vill Leit dorëms, eppes ze beweegen a sozial Verantwortung ze iwwerhuelen. Dacks steet eng perséinlech Bezéiung zur Jugendstruktur oder zum Thema am Zentrum vum Engagement.

## 2. Entwécklungen & Verännerungen am Benevolat

Kuerzfristeg oder punktuell Forme vum Benevolat hunn sech an de leschte Joren däitlech verbreet. Gläichzäiteg schreckt d'Komplexitéit vu gesetzleche Kaderen a formelle Prozedure vill potenziell Benevoller dovun of, sech op Dauer z'engagéieren.
D'formell Unerkennung vum Benevolat – zum Beispill duerch Zertifikater – huet an de leschte Joren zougeholl. Gläichzäiteg schéngt déi mënschlech a perséinlech Unerkennung deelweis zréckzegoen. Et gouf drop higewisen, dass bestëmmten Aarte vu Benevolat méi Opmierksamkeet kréien ewéi anerer – zum Beispill de Benevolat am Sportberäich. Duerch dëst Ongläichgewiicht kritt d'Roll, déi Benevoller an de Verwaltungsréit vu Jugendstrukturen spille, net ëmmer déi Visibilitéit, déi se verdéngt.



## 3. Kommunikatiounsproblemer & strukturell Barrièren

Eng vun den Haaptkriticke war d'schwéierfälleg a limitéiert Kommunikatioun tëschent:

- Gestionnairen, Gemengen a Servicer,
- de Strukturen ënnertenee,
- a bannen an de Strukture selwer.

D'Feelen u Koordinatioun féiert dacks zu duebelen Engagementer (double emploi), well d'Acteuren net als Deel vun engem Team handelen, mee als eenzel Spiller.
Gläichzäiteg bleiwen dacks déi selwecht Persounen op Verantwortungsposten, wat Verännerung a Moderniséierung behënnert. Fir Jonker schaaft dat eng Ofschreckung, besonnesch wann ni kloer erkläert gëtt, wat een am Verwaltungsrot eigentlech mécht.



## 4. Unerkennung & materiell Kompensatioun

Een zentrale Punkt war d'Fro no der Wäertschätzung vum Benevolat. D'Participanten hunn ënnerstrach, dass formell Formen (Diplomer, Zertifikaen) nëmmen deelweis genuch sinn.

Besonnesch fir Jonker a Leit, déi vill ënnerwee sinn, z. B. déi am Ausland studéieren, bedeit Benevolat och eng logistesch a finanziell Belaaschtung. Dofir gouf u verschiddene Punkte kloer fir materiell oder finanziell Ënnerstëtzung plädéiert:

- Prime vun de Gemenge fir den Engagement bei Jonken, no Beispill vun Déifferdeng oder aktuell och am Gespréich zu Wooltz.
- Entschiedegung fir Presenz op Verwaltungsrotssëtzungen, z. B. als Mobilitéitsbeihëllef.
- Offizielle Congé fir den Engagement – no Modell vum „congé sportif“ oder „congé dirigent“.

Gutt Beispiller goufe matgedeelt, wéi Corporate Volunteering Modell un dem d’Agence du Bénévolat grad schafft, bei deem Entreprisen Aarbechtszäit amplaz vu Geld spenden, z. B. fir kleng ASBL’en z’ënnerstëtzen – dobäi ginn och konkret fachlech Kompetenzen benevoll a gezielt agesat

## 5. Zukunft & politesch Rahmebedingungen

Dacks bleiwe laangjäreg Membere weider aktiv, ouni Raum fir eng nei Generatioun opzemaachen. Et misst kloer kommunizéiert ginn, wat d’Rollen an d’Erwaardungen si fir Jonker, déi nach keng Erfarung am Benevolat hunn.
D’Participanten hu betount, dass d’Gemengepolitik vill beweege kann, andeems si jonk Stëmme besser abannen, Ëmfroen zum Benevolat maachen a strukturell Ënnerstëtzung fir Jugend-Engagement ubidden.
Et gouf och drop higewisen, dass d’Verständnis vum Benevolat an der formeller Educatioun verbessert kéint ginn. Beispill: Wann ee Schüler seng Hausaufgaben net gemaach huet, well en engagéiert war, sollt dat net direkt negativ bewäert ginn.
D‘Table Ronde huet gewisen, wéi komplex an dynamesch de Benevolat am Jugendsecteur ass. Trotz ville positive Beispiller gëtt et nach vill strukturell Hürden a kulturell Barrièren. D’Zukunft vum Benevolat läit doran, jonk Leit gezielt mat anzebannen, valabel Kompensatiounen ze schafen, an eng méi kollektiv, respektvoll Kommunikatioun tëschent de Strukturen z’etabléieren.

# Workshop 1





## Präsenz weisen – Erfollegräich Visibilitéit fir Jugendstrukturen
## Wéi fält meng Struktur an der Ëffentlechkeet op?

An dësem Workshop gouf zesumme gekuckt, wéi Jugendstrukture kloer a verständlech Messagë vermëttele kënnen, wéi eng Kanäl dofir gëeegent sinn (Social Media, Evenementer, lokal Presenz) a wat eng authentesch an effikass Kommunikatioun ausmécht.

Déi komplett Presentatioun vum Workshop mat konkrete Beispiller a Methode fannt Dir an der verlinkter PDF-Versioun hei:

# Benevolat verdéngt Respekt – Iwwer Unerkennung, Erausfuerderungen a Perspektiven

## Wéi kënne mir den Engagement am Jugendsecteur besser unerkennen, motivéieren a laangfristeg stäerken?



An dësem Workshop stounge Motivatiounsgrënn, Unerkennungsforme souwéi konkret Erausfuerderungen am Fokus vun der Diskussioun.

**Wat motivéiert fir sech benevole ze engagéieren?**

D'Participanten hunn eng ganz Rei vu Motivatioune fir den Engagement am Jugendsecteur genannt, déi baileefeg an individuell Motivatiounen ëmfaassen:

- Perséinlech Entwécklung: nei Erfarunge maachen, eppes léieren, Aventuren erliewen
- Sozial Verbindunge schafen: Leit kenneléieren, Kontakter opbauen
- Wëssen a perséinlech Erfarung weiderginn
- Sënnvolles maachen / sech nëtzlech fillen
- Eppes beweegen a positiv Impakter hannerloossen
- Offiziell Unerkennung: z. B. fir den CV, duerch Zertifikater, Politik
- Motivatioun duerch Interessi a Leidenschaft un engem Thema

**Erausfuerderungen an Hürden**

Trotz Motivatioun stousse vill potenziell Benevoller op Erausfuerderungen. Follgend Punkten hunn sech am Austausch erauskristalliséiert:

- Zäitmangel a Mangel u Work-Life-Balance
- Angscht virum Engagement (Ongewëssheet, Verpflichtung, Verantwortung)
- Wéineg Visibilitéit vu Benevolatsméiglechkeeten
- Administrativ Belaaschtung: komplex Formulairen, Onkloerheeten
- Mangel u Material oder finanzielle Mëttel
- Net genuch Begleedung a Suivi vun de Strukture selwer
- Angscht viru Kritik oder Iwwerfuerderung
- Engagement gëtt net als attraktiv ugesinn (besonnesch fir Jonker)

**Unerkennung & Perspektiven**

D'Participante waren sech eens, dass et méi konkret Forme vun Unerkennung muss ginn, fir d'Benevolat ze stäerken – net nëmmen ideell, mee och strukturell a finanziell. diskutéiert goufe ë. a.:

- Finanziell oder materiell Entschiedegungen (z. B. Prime, Remuneratioun fir Käschten)
- Zertifikater a offiziell unerkannt Kompetenzen (z. B. fir am CV ze benotzen)
- «Congé bénévole»: gesetzleche Congé fir benevolt Engagement – no Modell vum „congé sportif" oder „congé dirigent"
- Manner administrativen Opwand – digitaliséiert a vereinfacht Prozesser
- Explizitt Luef a verbal Unerkennung – och vu Säite vun der Politik, der Ekipp oder de Beneficiairen
- Testphase fir nei Benevoller – eng ureegend Méiglechkeet, fir erauszefannen, ob een sech engagéiere wëllt

# Workshop 2

- Gerecht Aufgabenopdeelung am Comité, fir ze vermeiden, dass ëmmer déi selwecht Persounen alles maachen an doduerch d'Motivatioun verléieren
- Personnes de ressource ( wéi z. B. DLJ, Agence du Bénévolat) als Ënnerstëtzung a Berodung fir d'Engagement ze stäerken an d'Aarbecht am Verwaltungsrot ze erleichteren

**Fazit vum Workshop:**

Benevolat am Jugendsecteur ass eng grouss Ressource – awer nëmmen dann nohalteg, wann et richteg begleet, wäertgeschätzt a belount gëtt. D'Motivatioun eleng geet net duer: et brauch eng gesellschaftlech Unerkennung, finanziell an operativ Ënnerstëtzung, a kloer Perspektiven, fir och zukünfteg Generatioune fir benevolt Engagement ze gewannen.







# Workshop 3

## Kommunikatioun am Benevolat Spannungen erkennen, Schlësselfunktiounen kloer definéieren a souverän handelen

D'Zesummenaarbecht am Benevolat leeft net ëmmer ouni Reiwungen. Dëse Workshop huet sech mat de kommunikative Spannungen, der Opdeelung vun de Responsabilitéiten a strategesche Schlësselfunktiounen an de benevolen Jugendstrukture beschäftegt. Et goung dorëms, Schwieregkeeten ze erkennen, se op professionell Manéier unzegoen a léisungsorientéiert Zesummenaarbecht z'erreechen.

**Kommunikatioun als Grondlag fir Vertrauen a Relatiounen**

D'Participanten hu betount, wéi zentral eng kloer, respektvoll a transparent Kommunikatioun fir eng funktionéierend Struktur ass:

- Wat ausgemaach gëtt, muss agehalen a kommunizéiert ginn – sou entsteet Vertrauen.
- Rapporte sollen transparent an zougänglech sinn, fir Mëssverständnesser ze vermeiden.
- Reegelméissegen Austausch tëschent Comité, Ekipp, Gemeng, Ministère an aner Acteuren ass essenziell – sief et formell oder informell (z. B. Chrëschtdagsiessen, Summerfest).

- All Acteur soll sech respektéiert a seriö geholl fillen – egal ob benevole, professionell oder Jonken.
- Feedback-Kultur: Spannunge solle fréi erkannt ginn, andeems ee „tëschent den Zeile liest“ a reagéiert.

**Rollenkloerheet als Basis fir gutt Zesummenaarbecht**

Vill Spannungen entstinn duerch onkloer Rolleverdeelung – souwuel bannen am Comité wéi och tëschent dem Comité an der professioneller Ekipp.

Duerfir gouf follgendes betount:

- Kloer Ofgrenzung vu Verantwortung: Wie decidéiert wat? Wéini muss wien informéiert oder gefrot ginn?
- All Acteur (Comité, Direktioun, Chargé·e·n, pedagogesch Ekipp, Volontairen, Gemeng, Ministère, etc.) muss säin Optrag kennen.
- De benevolle Comité ass eng richteg „decisive Spëtzt“ (Back Office) hëlleft dobäi, am Alldag effizient a souverän ze reagéieren.
- De Conseil d’Administration (C.A.) ass verantwortlech fir de CAG, net d’Gemeng.

D’Zesummenaarbecht funktionéiert besser, wann d’Rollen visibel, verständlech a fair verdeelt sinn – dat féiert och zu méi Zefriddenheet am Team.

**Spannungen & erausfuerderend Dynamiken**

Déi follgend Erausfuerderunge goufen identifizéiert:

- Onkloer Rolleverdeelung (am C.A. an tëschent Benevoller a Beruffsekipp)
- Kommunikatiounsproblemer, och wéinst Generatiounsdifferenzen a Wäertekonflikter
- Resistenz géintiwwer Verännerung: Professionaliséierung, nei Iddien, Moderniséierung
- Externen Drock vu Säite vun der Gemeng oder dem Ministère
- Ressourcemanagement (Input/Output) : Wie huet wéi eng Prioritéiten?
- Engagement & Motivatioun: Iwwerfuerderung (Work-Life-Balance), Mangel u jonken Nofollger
- Kompetenzverwiesselung: Pädagogesch Ekipp mécht keng politesch Decisiounen, de Comité mécht keng pädagogesch Decisiounen
- Grenzen tëschent Operativem a Strategeschem sinn heiansdo onschaarf

**Schlëssel zum souveränen Handelen: Strukturen, Wäerter, Vertrauen**

Fir trotz dëse Spannungen effikass a souverän kënnen ze handelen, brauch et e kloert Konzept:

- Kloer definéiert Rollen a Verantwortung – all Acteur soll wëssen, wie fir wat zoustänneg ass.
- Transparenz an Decisiounsprozesser – wien decidéiert wat, a firwat?
- Gemeinsam Wäerter a Prinzippien – als Grondlag fir d’Zesummenaarbecht
- Grenze kloer setzen: net alles ass d’Aufgab vun all Acteur
- Flexibilitéit a Raum fir Evaluatioun – fir Sécherheet an een dynamescht Entwécklungsklima ze schafen
- E gutt Konzept, e Fënnef-Joresplang an een Kader schafen

D’Zil ass et, Vertrauen ze schafen, Jugendstrukturen dynamesch a resilient ze gestalten an de Fokus op déi Jonk net aus den Ae ze verléieren.

# 4. Schlusswuert

D'Table Ronde an déi dräi thematesch Workshops hunn op gewënnbréngend Aart a Weis gewisen, wéi vill Wëssen, Erfarung a Visioun an de Jugendstrukturen zu Lëtzebuerg stiechen. Trotz ville gemeinsamen Erausfuerderunge gouf kloer: de Benevolat lieft duerch Mënschen, déi sech engagéieren, matdenken a matgestalten – an déi sech dacks am Hannergrond fir déi Jonk an eis Gesellschaft asetzen.
Duerch den fräie Gedankenaustausch, déi inspiréierend Beispiller an d'Bereetschaft, och kritesch Punkten unzeschwätzen, ass e wichtege Schrëtt gemaach ginn, fir d'Zesummenaarbecht ze stäerken, Strukturen ze reflektéieren a Perspektiven opzemaachen.
Dës Dokumentatioun soll net nëmmen als Resumé déngen, mee als Basis fir weider Gespréicher, politesch Entscheedungen a praktesch Verbesserungen am Beräich vum benevole Engagement an de Jugendstrukturen.
Mir soen all deenen, déi deelgeholl, matgeschafft a matgeduecht hunn, e grousse Merci – fir är Zäit, är Iddien an äert Engagement.
Proposen zu weideren Themen oder Formater fir zukünfteg DLJ Connect-Evenementer sinn ëmmer wëllkomm. Mir freeën eis drop, dëse kollektive Prozess zesumme mat iech weiderzeféieren!





An Zesummenaarbecht mat:

Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen
87, route de Thionville | L-2611 Luxembourg | T. +352 26 29 32 35 | hello@dlj.lu
www.dlj.lu